# Museks-Concoursen

*Ufanks dës Jores hat d'Croix Rouge am Kader vun enger Sensibiliséierungs-campagne, bei däer Jonker hir Stäerkte fannen a léiere sollen, sech net ënner Drock setzen ze loossen, e Band-Contest organiséiert. U sech e Widdersproch, well een Jonken, déi wierklech an der Schoul oder doheem Problemer hunn, net wierklech eng Laascht vun de Schëlleren hëllt, andeems ee si opfuerdert an engem musikalesche Contest géinteneen unzetrieden.*

Yves Stephany

Och den SNJ hat am Abrëll, ënner dem Ophänkert „Wat ech wëll", e Songcontest fir Jugendlecher lancéiert. D'Gewënner-Titele ginn elo op engem CD released. Wat de pädagogeschen Hannergedanke bei dësem Concours soll sinn, ass schleierhaft.

Am Moment lafen nach zwee Opriff fir esou gelunge Concoursen: D'Organisatioun CASES vum Wirtschaftsministère, déi iwwert d'Geforen am Internet opkläert, mécht e Songcontest zum Thema „Rechter vun de Kanner am Internet".

D'Batteuren Alain Graf, Jeff Herr a Joel Heyard hunn am September bei enger Pressekonferenz hire Contest „Lëtzebuerg sicht dee beschten Drummer" presentéiert. De But vum Drummer-Contest ass et, jugendleche Batteuren d'Méiglechkeet ze bidden, sech virun engem anere Jury ze presentéieren, wéi dee vun enger Museksschoul, an dat kennen ze spillen, wat si wëllen. Kee „Morceau imposé", all Mënsch ka säin eegene *Backing Track* matbréngen a sech 5 Minutte laang profiléieren. Egal ob Rock, Jazz, Heavy Metal oder Polka. D'Organisateuren hoffen, datt och jonk Drummere sech mellen, déi net an enger Museksschoul ageschriwwe sinn. Et ginn hei verschidden Alterskategorien an d'Haaptgewënner kennen, zesummen mat professionelle Museker, am Studio vun der Rockhal en CD ophuelen. Dëst ass dann och den edukative But, nämlech fir deene jonke Museker ze weisen, wéi een am Studio schafft, wei ee seng Batterie stëmmt, wéi een d'Mikroen opstellt, etc.

D'Praxis am Studio ass jo och sécher en Thema, dat vill Batteuren intresséiert, et ass awer berechtegt sech d'Fro ze stellen, firwat si virdrun duerch ee Concours mussen. Et gi jo och aner museks-pädagogesch Projeten, déi ganz konkret sinn, wéi zum Beispill d'Workshops, déi de Centre de ressources vun der Rockhal proposéiert. Hei gouf et schonn eng ganz Rëtsch Atelieren, bei deenen intresséiert Batteure ganz praxisorientéiert zum Beispill d'Technike vum Stëmmen a Mikrophonéiere méi no bruecht kruten. An dat, ouni datt si iergendengem hu missen eppes beweisen. Och an anere musekalesche Beräicher proposéiert de Centre de ressources Workshops an Atelieren, déi u sech all deenen, déi sech pädagogesch am musikalesche Beräich wëllen engagéieren, e Beispill kéinte sinn.

De Phänomen vun de Museks-Concoursen ass en educative Fiasko. Amplaz jonke Leit, déi sech fir d'Musizéieren interesséieren, déi en Instrument wëlle léieren, d'Passioun fir d'Musek ze vermëttelen an d'Expressiounsfräiheet, deen dëse Medium erlaabt, méi no ze bréngen, kréien dës Jonk den Androck vermëttelt, et géif drëm goen, fir besser ze sinn, wéi en aneren. Wéi solle sou jonk Talenter motivéiert ginn? Musek ass eng Konschtform a keng Sportsdisziplin. Wa mir eis Kanner weider a Musekschoule stiechen, wou just d'Nouteschrëft geléiert gëtt, wéi wa Musek wéi Arithmetik no strenge Regele géif fonktionnéieren a wann Institutiounen, déi wëllen eppes fir jonk Museker maachen, weider just Concoursen organiséieren amplaz sech wierklech mat de Froe vun deene Jonken ausenanerzesetzen an hinne kompetent ënner d'Äerm ze gräifen, da kréie mir eng wei-

**Wann de Museker net méi spillt, mä eng Zort Handwierk ausübt, wäert sech nie déi Magie developpéieren, déi dës Konschtform sou intressant mécht an d'Musek gëtt langweileg.**

*Den Yves Stephany ass Museksredakter beim radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*

der Generatioun vun oninspiréierte Studio- an Orchestermuseker. Net fir näischt sinn déi individuellst an originellst Museker dacks Autodidakten. Et gëtt Zäit deene Jonken z'erkläeren, datt et keng falsch Noute ginn. Natierlech ass net jiddereen d'selwecht musikalesch talentéiert, awer et gëlt dach jonk Talenter z'ënnerstëtzen an hinnen deen neidege Fräiraum ze loossen, fir sech individuell z'entfalen an z'entwéckelen. Et seet een net ëmsoss, datt een en Instrument spillt. Wann de Museker net méi **spillt,** mä eng Zort Handwierk ausübt, wäert sech nie déi Magie developpéieren, déi dës Konschtform sou intressant mécht an d'Musek gëtt langweileg.

Lëtzebuerg huet – virun allem an de Beräicher Rock, Elektro an Jazz – eng aussergewéinlech grouss a kreativ Musekszeen. De Merite heifir läit an deene meeschte Fäll bei de Museker a Bands selwer, well si immens vill schaffen an onofhängeg vun iergendwelleche Strukture fonktionnéieren, an net bei guttgemengte pseudo-pädagogeschen Initiativen wéi Museks-Competitiounen. ◆

radio 100,7 *Kulturchronik vum 15.9.2009*

**Die nächste *forum*-Ausgabe mit einem Dossier zum Thema „Klima und Zukunft" erscheint am 6. November 2009.**

forum

Gutschein für die kommenden drei Ausgaben

Name:........................................................................

Vorname:....................................................................

Adresse:.....................................................................

...................................................................................

Tel.:.................................. E-Mail:......................................

Bitte ausfüllen und einsenden an:
*forum* a.s.b.l.
1, rue Mohrfels
L-2158 Luxembourg
Tel.: + 352 42 44 88
E-Mail: forum@pt.lu

**forum**
für Politik, Gesellschaft und Kultur

gegründet 1976
Herausgeber: *forum* a.s.b.l.
Durchschnittliche Auflage: 1 900 Expl.
10 Ausgaben im Jahr
ISSN 1680 - 2322

**Ständige Mitarbeiter**
Jean-Paul Barthel, Olivier John, Thomas Köhl, Michel Pauly, Jürgen Stoldt, Viviane Thill

**Koordination**
Kyra Fischbach, Lynn Herr

**Autoren dieser Ausgabe**
Vincent Artuso, Rudi Balling, Robert Barthel, Guy Berchem, Daniel Bogner, Max Conzemius, Kyra Fischbach, Christiane Giovannoni, Helmut Hausemer, Patrizia Luchetta, Erica Monfardini, Kristel Pairoux, Laurent Probst, Luc Reuter, Norry Schneider, Yves Stephany, Jürgen Stoldt, Karl Weber

**Interviewpartner dieser Ausgabe**
George Michel, Jean-Claude Schmit

**Originalillustrationen**
Olivier John, Carlo Schmitz

**Cover** © Sven Hoppe – fotolia.com

**Druck** c.a.press, Esch/Alzette

Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.
© 2009 by *forum* a.s.b.l.

**Bezugspreise**

| | |
|---|---|
| Einzelheft | 6 Euro |
| Jahresabonnement | 50 Euro |
| Jahresabonnement im Umschlag | 62 Euro |
| Studenten, Arbeitslose und Geschenkabonnements | 38 Euro |
| Jahresabonnement im Ausland | 62 Euro |

Überweisungen auf das *forum*-Postscheckkonto IBAN LU83 1111 0611 5444 0000 mit dem Vermerk „Neuabo ab Nr …" und vollständiger Adresse.

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft und dem Ministère de la Culture für die finanzielle Unterstützung.

**1, rue Mohrfels**
**L-2158 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 E-Mail: forum@pt.lu**
**Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr**

**www.forum.lu**